




Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber



Lëtzebuerg, den 01/10/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Tourismus weiderzeleeden.**

An der Kräizerbuch goufen 2018 iwwer 32 Kilometer nei Bëschweeër duerch den Office national du Remembrement ugeluecht mam Ziel fir de Bësch weider ekonomesch z'erschléissen. Dëst Joer schéngt dëse Projet nach weider gedriwwen ze ginn a weider Aarbechten u befestegte Bëschweeër duerchgefouert ze ginn. Huesepied gi bei dësem Projet duerch 5-6m breet Schneise mat befestegte Weeër ausgebaut, respektiv nei Schneise geschloe fir d'Weeër z'erméiglechen.

An der Studie "Evaluierung der ökologischen, ökonomischen und sozialen Effekte der Waldflurneueordnung in Luxemburg" vun 2017 um Beispill vun lischpelt hunn d'Auteurs souwuel d'Akzeptanz vun der aktueller Remembrementsprozedur op Basis vum Gesetz vun 1964 a Fro gestallt, wéi och den Impakt op den Naturschutz vum Weebau deen enger Optimallinn nogaangen ass amplaz ekonomesch Erschléissungsziler ze suivéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Projekte vum ONR sinn aktuell a Planung respektiv an Duerchféierung?
2. Wou befannen sech déi Projeten, wéi vill Surface betreffen se, wéi vill Besëtzer si jee weils betraff a wéi vill Kilometer nei Weeër si pro Projet virgesinn?
3. Fir all Projet vum ONR, wéi eng gesetzlech Method gëtt fir de Remembrement genotzt?
4. Wéi héich sinn d'Käschte (pro Joer) fir déi läscht 5 Joer fir de Remembrement an d'Baue vu Weeër gewiescht?
5. Ginn d'Surface, déi duerch nei Bëschweeër dem Bësch verluer ginn, kompenséiert?
  - Wa jo, wéi vill Surface goufe pro Joer a Projet fir déi läscht 5 Joer kompenséiert?
  - Falls nee, ass d'Ministesche der Meenung datt dës Surfacen en vue vun der Klimakris missten a sollte kompenséiert ginn?
6. Schätzt d'Ministesche, dass de Bau vun neie Bëschweeër ee wirtschaftlechen Ureiz duerstellt fir de Bësch weider op d'Käschte vun ökologeschen Aspekter z'exploitéieren?
7. En vue vun der Promotioun vun alternativen "Rücketechniken", wéi zum Beispill Päerd reiden oder d'Seelbunn, ass d'Ministesche der Meenung, datt befestegte Weeër am Bësch zäitgeméis a kohärent sinn?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

8. Plangt den ONR nei Bëschweeër zesumme mat de jeeweilegen ORTen fir esou zumindest och eng kohärent Erschléissung fir den Tourismus "doheem" z'erméiglechen?
9. Wéi plangt d'Regierung d'Haftungsrisiken, déi an der Studie "*Evaluierung der ökologischen, ökonomischen und sozialen Effekte der Waldflurneuordnung in Luxemburg*" genannt sinn, fir Privatbesëtzer duerch nei Weeër ze kompenséieren oder ze minimiséieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

Luxembourg, le 11 NOV. 2019

**Service central de législation**  
**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**


**Objet: Question parlementaire n°1272 – Réponse**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1272 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable,

  
Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Landwirtschaft, Waibau a ländlech Entwécklung an dem Minister fir Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°1272 vum 1. Oktober 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement**

**1. Wéi vill Projete vum ONR sinn aktuell a Planung respektiv an Duerchféierung?**

5 Projeten.

**2. Wou befannen sech déi Projeten, wéi vill Surface betreffen se, wéi vill Besëtzer si jee weils betraff a wéi vill Kilometer nei Weeër si pro Projet virgesinn?**

| Projet             | Surface | Besëtzer | Bëschweeër |         |
|--------------------|---------|----------|------------|---------|
|                    |         |          | bestoend   | nei     |
| Tarchamps          | 753 ha  | 237      | 21,2 km    | 18,6 km |
| Sëll               | 809 ha  | 250      | 33,3 km    | 4,4 km  |
| Biekerich          | 1111 ha | 346      | 22,1 km    | 17,4 km |
| Eschweiler (Woltz) | 2152 ha | 798      | 82,9 km    | 17,8 km |
| Wanseler           | 1218 ha | 406      | 19 km      | 25,4 km |

**3. Fir all Projet vum ONR, wéi eng gesetzlech Method gëtt fir de Remembrement genotzt?**

Dat ass verschidden, et ginn zwou gesetzlech Methoden fir de Remembrement genotzt: Déi normal Prozedur wou d'Propriétaires d'Méiglechkeet hunn bei verschidden Enquêtes Reklamatiounen, z.B. géint Neiandeelung oder Buedemschätzung, ze formulieren.

Doniewent gëtt et eng acceleréiert Prozedur wou verschidden Enquêtes kënnen zesummegeleucht ginn fir dass den Remembrement méi séier kann ofgewéckelt ginn.

**4. Wéi héich sinn d'Käschte (pro Joer) fir déi löscht 5 Joer fir de Remembrement an d'Baue vu Weeër gewiescht?**

| Joer | Käschte fir Weebau |
|------|--------------------|
| 2014 | 691.737,74 €       |
| 2015 | 1.739.625,47 €     |
| 2016 | 1.908.334,56 €     |
| 2017 | 1.647.469,44 €     |
| 2018 | 1.893.136,84 €     |

Laut Gesetz ginn 10% vun de Käschten vu de Propriétaires iwweholl a 90% vum Staat.

**5. Ginn d'Surface, déi duerch nei Bëschweeër dem Bësch verluer ginn, kompenséiert? Wa jo, wéi vill Surface goufe pro Joer a Projet fir déi löscht 5 Joer kompenséiert? Falls nee, ass d'Ministesch der Meenung datt dës Surfacen en vue vun der Klimakris missten a sollte kompenséiert ginn?**

D'Fläch fir déi nei Bëschweeër gi net kompenséiert. An enker Zesummenaarbecht mat der ANF plangt den ONR d'weenetz, dat dann vun engem onofhängegen Büro unhand vun

enger Impaktstudie evaluéiert gëtt. Heiduerch gëtt garantéiert, dass den Impakt ob d'Ëmwelt op ee Minimum reduzéiert gëtt.

Well de Bëschwee integralen Bestanddeel vum Bësch ass, gëtt och keng Surface kompenséiert. De Krouneraum kann och weiderhin vun de Beem genotzt ginn. Och gëtt de Bëschwee net versigelt, soudass de Waasserhaushalt vum Bëschbuedem minimal beanträchtegt gëtt an och vun de Bamwuerzelen genotzt ka ginn. Déi zwee Randberaicher vun engem Bëschwee sinn och nei kleng Trittsteinbiotoper fir spezifesch Planzen an Insekten.

**6. Schätzt d'Ministesch, dass de Bau vun neie Bëschweeër ee wirtschaftlechen Ureiz duerstellt fir de Bësch weider op d'Käschte vun ökologeschen Aspekter z'exploitéieren?**

De Bau vun Bëschweeër stellt e wirtschaftlechen Ureiz duer fir ökologesche Aspekter nach weider an d'Bëschbewirtschaftung ze integréieren. Et geet em eng lokal an nohalteg Notzung vun eise Bëscher, sou dass mer den Import vun Bau- a Brennholz a virun allem den domat verbonnenen transportbedéngten Klimaimpakt reduzéieren. Och stellt den Rohstoff Holz eng CO<sub>2</sub>-neutral Alternativ zu aneren Stoffen, wéi Beton, Stol oder Plastik, soudatt eng wirtschaftlech Notzung vun eisen Bëscher duerchaus ökologesche Aspekter ofdeckt.

Och ass et d'Ziel vum Weebau am Bësch, dat flächendeckend Befueren vum Bëschbuedem ze ënnerbannen. Effektiv gëtt de Loftaustausch a Waasserhaushalt laangfristeg duerch d'Befueren mat Maschinne gestéiert. Duerch d'Bëschweeër gi d'Transportweeër méi kuerz an d'Fueren op dës Weeër kanaliséiert, soudatt dat kilometerwäit Schleefen vun Holz mat Trakteren an de Bëschparzellen net méi néideg ass. Och gëtt d'Bëschbewirtschaftung ëmmer méi an d'Richtung vun Dauerwälder also d'Vermeiden vun Kalschléi, wou dann méi regelméisseg méi kleng Agrëffer an de Bëscher stattfannen. Dobäi falen dann och jeeeweils méi kleng Quantitéiten un Holz un, déi ouni intakt Weenetz am Bësch schwéier bis guer net ze verkafe si.

**7. En vue vun der Promotioun vun alternativen "Rücketechniken", wéi zum Beispill Päerd reiden oder d'Seelbunn, ass d'Ministesch der Meenung, dat befestegt Weeër am Bësch zäitgeméiss a kohärent sinn?**

Rücketechniken, wéi mam Päerd schleefen oder mam Seelkran schaffen kënnen eng Alternativ zum klasseschen Bréngen vum Holz aus dem Bësch op de Wee sinn. An der Reegel gëtt dat mat engem Trakter oder spezieller Bëschmaschinn gemaach. Allerdéngs ersetzen dës Methoden net den Oftransport vum Holz, wat nach ëmmer e ,camionablen Bëschwee' voraussetzt.

**8. Plangt den ONR nei Bëschweeër zesumme mat de jeeeweilegen ORTen fir esou zumindest och eng kohärent Erschléissung fir den Tourismus "doheim" z'erméiglechen?**

Déi geplangte Bëschweeër vum ONR ginn net mat de jeeeweilegen ORTen ausgeschafft. Se leien gréisstendeels ausserhalb vun den Zone wou haut scho Wanderweeër existéieren a stellen deemno net onbedéngt eng supplementär Offer zu dem besteende Wandereseau duer.

D'Topographie vun deene Weeër déi vum ONR gebaut gi fir Holz aus dem Bësch ze schleefen, respektiv mat Camionen eraus ze féieren, entsprécht och net deene Critèren, déi mir eise Wanderweeër wëlle ginn: Mir siche vill méi kleng „Huesepied“, amplaz vu breede Weeër. Zudeem vermeide mir heiduerch datt d'Wanderer an een Trafic mat grouse Bau-Maschinen a Camione kommen, wou hir Präsenz geféierlech wär, respektiv wou mer reegelméisseg Sperrunge wéinst Bëschaarbechten op deenen Tronçonnen hätten.

Am Kader vun der Impaktstudie ginn bei de Weebauprojeten awer och déi sozial Aspekter iwwerpréift, dorënner dann och den Impakt op den Tourismus. Ee flott Beispill fir konkret Mesuren sinn d'Rettungspunkten déi am Projet Tarchamps installéiert goufen fir niewent de Bëschaarbechter och den Touristen am Noutfall méi séier hëllefen ze kënnen.

***9. Wéi plangt d'Regierung d'Haftungsrisiken, déi an der Studie "Evaluierung der ökologischen, ökonomischen und sozialen Effekte der Waldflurneuordnung in Luxemburg" genannt sinn, fir Privatbesëtzer duerch nei Weeër ze kompenséieren oder ze minimiséieren?***

Am Kader vun engem Rembrement gi d'Bëschweeër mam Ofschluss vum Projet an öffentlechen Besëtz iwwer, soudatt den Haftungsrisiko um Wee, da net méi beim Privatbesëtzer läit, mee bei de Gemengen. Den Haftungsrisiko den vum Bësch ausgeht wat den Schuedensersatz am Fall vun engem geschädigten Spazéiergänger ubelängt ass zudem vum Staat iwert eng Assurance op nationalem Niveau ofgedeckt. Och proposéiert den neien Bësch-Gesetzesprojet PL7255 eng besser Ofsécherung vum Haftungsrisiko fir den Bëschpropriétaire.